N°6751
Entrée le 31.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.08.2022

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 31 August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden:

*« En Hausbrand ass net just fir Mënschen, mee och fir Hausdéieren extrem geféierlech. Wärend vereenzelt Déiere wéi Hënn oder Kazen nach kënne billen oder sech bemierkbar maachen, ginn et aner Déieren a Klengdéieren, déi net op sech opmierksam maache kënnen.*

*An Artikele bezüglech der Präventioun an der Hëllef déi een engem Déier an esou engem Fall ka bidden, gëtt ënnert anerem op Noutfall Sticker op Bréifkëschten opmierksam gemaach. D'Sticker mat de relevanten Informatioune bezüglech wéi vill a wat fir Déieren sech am Haus ophale géifen op d'Bréifkëscht vun enger Wunneng oder engem Haus gepecht ginn. Esou wieren d'Pompjeeë informéiert, a kéinten nieft dem Mënsch, och nom Hausdéier kucken.*

An deem Kader woll ech der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

- *Gëtt beim Brand vun engem Privathaus automatesch och no eventuellen Hausdéiere gekuckt?*
- *Existéiert e System zu Lëtzebuerg wéi beispillsweis e Noutfall Sticker, den d'Pompjeeë bei hirer Arrivée op Hausdéieren opmierksam mécht?*
- *Falls nee, gesäit d'Inneministesch esou ee System als opportun un fir Hausdéieren ze schützen?*
- *Wat fir en Dispositif steet dem CGDIS zur Verfügung fir verletzten Déieren bei engem Brand ze soignéieren? »*

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten